

Membre de la Fédération luxembourgeoise
Des Sports Equestres

Member of International Federation
Of Icelandic Horse Association



“BASTENHAFF” 44, RUE D’OETRANGE
L-5360 SCHRASSIG/LUXEMBOURG

Verband vun den Islandpæerd Lëtzebuerg A.S.B.L.

Youth Masters Internationalt Turnéier mat Reider aus eisen Nopeschlänner

vum 28. bis den 31 Juli an Holland

déi genee Plaz kënt nach no (wahrscheinlech am Süden vun Holland)

Dodurch dass den FEIF Youth-Cup leider och dëst Joër ausfällt hunn verschidden Länner sech zesammegedoen fir d’Youth Masters z’organisieren.

Déi Länner wou matmaachen kënnen:

Belge, Frankräich, Däitschland, Holland, Lëtzebuerg

**D’Konzept vum Turnéier ähnel dem vum FEIF-Youth Cup an hei euer
Informatiounen zum Programm vun deenen verschiddenen Deeg:**

- Donneschdes: d’Urees an déi international Equippen gi forméiert. Den éischten Training ass dann schon deen Dag
- Freides: Training mat internationalen Traineren
- Samschdes moies: ginn déi éischt Prüfungen geridden
- Samschdes nomëttes: do stinn déi international Frenschafte am Mëttelpunkt an hefir soll eng Aktivitéit sinn ouni Pæerd
- Sonndes moies: den Rescht vun den Prüfungen gëtt geridden
- Sonndes nomëttes: heescht et offiziell Äddi soen an d’Heemrees untrieden

Fir den Prüfungs-Deel proposéiere d’Organisateuren déi folgend véier Gruppen an deenen d’international Equippen matmaachen:

Grupp 1: T3 Tölt, T6 Tölt, T7 Tölt

Grupp 2: V2 Fourgait, V5 Fourgait, F2 Fivegait

Grupp 3: FR1 Flag Race, TR1 Trail

Grupp 4: CR1 Cross Country / Sprangen (je no Standort), Dressur an/oder Teamstafette

Wien a wou kann ee sech mellen wann een wëll matmaache?

Du muss tëscht 2005 an 2008 gebuer sinn a Member am Verband vun den Islandpäerd Lëtzebuerg sinn. Du solls Turniererfahrung hunn mat dengem Päerd an och soss wéi et üblich ass fir en Islandpäerdreiderpuer gescheckt sinn an e Parcours durch den Bësch wëssen ze bewältegen. Eisen Verband kann 7 lëtzebuerger jugendlech Reider/innen schecken, dodurch dass dëst en internationalt Turnéier ass leeft d'Umeldung iwwert den Verband vun den Islandpäerd Lëtzebuerg deen déi Jugendlech offiziell nennt.

Wanns du interesséiert bass deel ze huelen mat dengem Päerd dann scheck eng Mail bis den 20. Mee op: info@verband-islandpaerd.com

Wéi sinn d'Onkäschten?

D'Reider müssen mat 400 Euro rechnen fir kënnen Deel ze huelen. Den Lännerchef wäert müssen em déi 200 euro Participatioun bezuelen.

Den lëtzebuerger Team-chef ass d'Katja Schiltz.

Mat frëndlechen Gréiss,
Den Comité

